ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 22. Mäerz 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Unterrechtsminister weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg bekloen sech vill Betriber iwwer ee Mangel u qualifizéiertem Zouwuess. A ville Beruffer ass ee Mangel ze bekloen. An de Joren 2007 bis 2014 waren all Joer tëschent 35 000 bis iwwer 40 000 Schüler am Secondaire an am Secondaire-technique ageschriwwen.

An dësem Kontext wéilt ech gär folgend Froen un den Här Minister stellen:

1. Gëtt et ee Relevé, wéi vill Schüler an dëse Joren ee fäerdege Schoulofschloss virweise kënnen?
2. Wa jo, wéi gesäit dësen aus?
3. Wéi vill Schüler hu kee Schoulofschloss virzeweisen?
4. Wéi vill qualifizéiert Aarbechtskräfte feelen, jee no Beruffsgrupp, zu Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique